N°1684
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

An engem WORT-Artikel vum 6ten Dezember gouf bericht, dass ee Sozialaarbechter am Kader vun enger Kontroll ouni Ukënnegung an eng Wunneng gaangen ass, dëst wärend der Ofwiesenheet vum Locataire. En huet vun der Situatioun profitéiert, dass d'Kand vum Locataire - mannerjäreg - dobausse gespillt huet an de Schlëssel vun der Wunneng bei sech hat. En huet dunn d'Kand aktiv ugeschwat an du gefrot, fir d'Dier vum Appartement opzemaachen. Wéi d'WORT bericht:

*"Meine Frau und ich waren auf der Arbeit. Mein elfjähriger Sohn spielte draußen, meine 16-jährige Tochter war gerade in der Dusche".*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Dierfen d'Aarbechter vu Gemengen oder vun ëffentleche Promoteuren (z.B. Fonds du Logement) ouni d'Präsenz vum Locataire, ouni d'Präsenz vun den Elteren (dem Locataire) eng Wunneng kontrolléiere goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten